ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 23. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

An engem RTL-Interview vu Mëtt Dezember huet den Här Mëttelstandsminister op d'Fro hin, firwat d'Regierung decidéiert huet, den Horesca-Secteur ganz zou ze maachen, Folgendes geäntwert:

«La fermeture décidée par le gouvernement n'est pas aléatoire, il y avait des raisons bien précises.»

Fir vill Leit – net nëmmen aus dem Horesca–Secteur – war dës Decisioun allerdéngs net nozevollzéien. Den RTL huet iwwerdeems den 8. Dezember en Artikel veröffentlech mat folgendem Inhalt:

„Oppe Restauranten a Caféen hu keen negativen Effekt op d'Infektiounszuelen. Au contraire géifen oppe Restauranten d'Zuel vun den Infektioune weider erofdrécken. Dat ass d'Conclusioun vum hollänneschen Institut fir ëffentlech Gesondheet. Dës baséiert virop op der Observatioun, dass de Reproduktiounstaux erëm an d'Luucht gaangen ass, wéi d'Restauranten hir Dieren hu missen zoumaachen."

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister präziséieren, wat déi «raisons bien précises» genee sinn a wéini dës genee veröffentlecht goufen?
2. Goufen d'Leit aus dem Horesca-Secteur iwwert déi «raisons bien précises» informéiert? Wa jo, wéini an iwwert wéi e Medium?
3. Wann nee, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt e ganzen Aarbechts- a Gesellschaftsberäich, deen elo mat finanziellen an existenzielle Suerge konfrontéiert ass, net eemol iwwert d'Noutwennegkeet vun därer Decisioun informéiert gouf?

4. Ass der Regierung déi uewe genannten hollännesch Etüd bekannt?
5. Wa jo, firwat goufen d'Conclusioune vun dëser Etüd net iwwerpréift, respektiv, zeréckbehalen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten